



Le saviez-vous ?

COMPTE RENDU

Le compte rendu est une publication de la Chambre des Députés qui reproduit dans leur intégralité toutes les interventions faites lors des séances plénières de la Chambre des Députés. Il contient par ailleurs un résumé des textes législatifs adoptés, les questions posées aux membres du Gouvernement et les réponses reçues ainsi qu'un aperçu général des activités de la Chambre des Députés. Le compte rendu est distribué gratuitement en tant que supplément des quatre principaux quotidiens à tous les ménages. Il peut être consulté en ligne sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Séances publiques - Comptes rendus des séances.

► **M. Jeff Engelen** (ADR).- Jo. Här President, ech soe Merci. Mir géifen dann och dem Här Carlo Back Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. A mir ginn d'Zoustëmmung zu dësem Projet.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Engelen. An duerno den Här Marc Goergen.

► **M. Marc Goergen** (Piraten).- Merci, Här President. Mir ginn och eisen Accord. Mir wollte just nach eng Kéier drop opmierksam maachen, dass allgemeng vläicht eng Informationscampagne eng Kéier ubruecht wär, wéi een hei am Land mat Dronen ëmgeet, wéi eng Autorisatiounen een dofir brauch a weini dass een därerf domat fléien. Mee mir ginn awer den Accord zu deem Gesetz.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An dann huet d'Regierung d'Wuert, den Här Mobilitéitsminister François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Dee seet och en décke Merci fir déi 60 Stëmmen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7364 et dispense du second vote constitutionnel

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7364. D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss an dëse Projet de loi 7364 ass och eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Marco Schank), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Diane Aehm), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

MM. Dan Biancalana, Alex Bodry, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal

Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

19. 7365 - Projet de loi portant modification

1) de la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne ;

2) de la loi du 23 mai 2012 portant transposition de la directive 2009/12/CE du Parlement européen et du Conseil du 11 mars 2009 sur les redevances aéroportuaires et portant modification : 1) de la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne ; 2) de la loi modifiée du 19 mai 1999 ayant pour objet a) de réglementer l'accès au marché de l'assistance en escale à l'aéroport de Luxembourg, b) de créer un cadre réglementaire dans le domaine de la sûreté de l'aviation civile, et c) d'instituer une Direction de l'aviation civile

Mir kommen elo zum Projet de loi 7365, enger weiderer Ofännerung vum Gesetz iwwert de Fluchverkéier, a Rapporteur ass nach eng Kéier den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

► **M. Carlo Back** (déi gréng), *rapporteur*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, jo, de Projet de loi 7365 betrëfft och erëm eng Kéier dat Gesetz, wat ech scho virdu mentionéiert hunn, dat vum 31. Januar 1948, relative à la réglementation de la navigation aérienne, awer dëse Projet de loi betrëfft awer och d'Gesetz vum 23. Mee 2012, wou et ëm eng Ëmsetzung vum enger europäescher Direktiv gOUNG.

Bei dësem Projet de loi geet et drëm, eis Legislatioun an domat eis Terminologie unzepassen un déi aktuell europäesch Legislatioun, wat Redevances oder Taxe betrëfft am Fluchverkéier. An Zukunft musse mir tëschent zwou Kategorie vu Redevancen ënnerscheiden: d'Redevances, wat d'Servicer vun der Navigation aérienne betrëfft, an d'Redevances aéroportuaires. Mat dësem Text maache mir dann och kloer d'Separatioun an eisen zwee besteeënden Texter, déi an deem Sënn net méi aktuell waren.

D'Redevances aéroportuaires sinn definéiert an der Direktiv 2009/12/CE an am Gesetz vum 23. Mee 2012. Si gi vun der Firma lux-Airport kollektéiert a treffen haaptsächlech d'Servicer, déi um Buedem ugebuede ginn.

Dann, d'Redevances de navigation aérienne betreffen d'Navigation aérienne an déi falen un, well Fligere jo begleet ginn um Himmel duerch eeben d'Fluglotsen, an déi Taxe ginn dann och, déi Redevancé ginn dann och vun der Administration de la navigation aérienne, der ANA, percevéiert.

En résumé: Well d'Terminologie um Niveau vun der europäescher Legislatioun geännert huet, passt dëse Projet de loi eis Gesetzgebung, zwee Gesetzer, un déi nei Konditiounen un. Domat verschwénnt och d'Notioun vun de Redevances d'atterrissage, déi elo ënnert d'Kategorie vun de Redevances de navigation aérienne falen.

De Projet de loi ass de 4. Oktober 2018 deposéiert ginn. De Staatsrot huet säin Avis den 21. Dezember 2018 ofginn ouni Opposition formelle. An der Sëtzung vum 14. November 2019 huet d'Kommissioun dann de Rapport zum Projet, deen lech elo hei virläit, ugeholl.

Ech ginn och heimadder den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Back. Dann ass et um honorabelen Här Max Hahn.

Discussion générale

► **M. Max Hahn** (DP).- Jo, ech géif dem Rapporteur och Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport an och den

Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei ginn. Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An da wier et um honorabelen Här Dan Biancalana.

► **M. Dan Biancalana** (LSAP).- Merci, Här President. Dem Rapporteur soe mer Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. An ech ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Jeff Engelen.

► **M. Jeff Engelen** (ADR).- Merci, Här President. Mir géifen dann dem Här Carlo Back Merci soe fir säi Rapport. An ech bréngen dann d'Zoustëmmung vun eisem Grupp. Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An dann den Här Marc Goergen.

► **M. Marc Goergen** (Piraten).- Merci dem Här Back. A mir ginn och eis Zoustëmmung.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools. An da wier et um Minister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- De Minister hat net geduecht, datt et esou séier géif goen. Hie seet och nach eng Kéier Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7365. Den Text steet am Document parlementaire 7365².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7365 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet de loi 7365 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Viviane Reding), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

MM. Dan Biancalana, Alex Bodry, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Stéphanie Empain), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

20. 7415 - Projet de loi portant approbation des amendements adoptés par la résolution 2017-I-4 de la Conférence des parties contractantes à la Convention relative à la collecte, au dépôt et à la réception des déchets survenant en navigation rhénane et intérieure, signée à Strasbourg, le 9 septembre 1996

Dee leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7415, eng Konventioun iwwert den Offall, dee bei der Navigatioun entsteet. Rapporteur vun dësem Projet de loi ass nach eng Kéier den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

► **M. Carlo Back** (déi gréng), *rapporteur*.- Jo. Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, jo, am Projet de loi 7415 geet et ëm d'Approbatioun, ech liesen lech et op Franséisch vir, dann ass et méi kloer: « ... des amendements adoptés par la résolution 2017-I-4 de la Conférence des parties contractantes à la Convention relative à la collecte, au dépôt et à la réception des déchets survenant en navigation rhénane

et intérieure, signée à Strasbourg, le 9 septembre 1996. »

Ëm wat geet et an deem heite Projet de loi, mat deem mir eng Ofännerung vun der grad erwäanter Konventioun, déi 1996 zu Stroossbuerg ënnerzeechent gouf, solle guttheeschen?

Dës Konventioun gouf virun 23 Joer vun Däitschland, Frankräich, Holland, der Schwäiz, der Belsch a Lëtzebuerg ënnerschriwwen, fir d'Asammelen an den Handling vun Offäll ze reegelen, déi an der Banneschëfffaart entstinn. D'Banneschëfffaart hei ass jo kloer Rhäin a Musel.

Wéi bei all Transportaktivitéit entstinn och beim Transport iwwert d'Waasserstrooss Offäll beim Persounen- a Gütertransport. Dës Offäll mussen entsprechend de gëltege Reegelen op de Schëffer zwëschegelegert ginn, da bei speziellen Opbereedungs- oder Entsuerungsplazen ofgi ginn.

Besonnesch wichteg sinn an deem Sënn natierlech fir d'éischt emol d'Offallvermeidung, dann eng lückenlos Organisatioun vum Asammelen an dem Traitement vun den Offäll an natierlech och d'Klärung vun der Responsabilitéit a vun der Käschtefro vun der Offallsammlung, der Opbereedung an der Entsuerung.

Am Häerz vun Europa hu sech dofir schonn an den 90er Jore sechs Länner, déi vun dëse Froe besonnesch beträff waren, zesummedoen an een internationaalt Ofkommen iwwert d'Sammlung, d'Ofliwwerung an d'Unhuele vun Offäll an de Rhäin- an aner Schëfffaartsstroossen ausgeschafft.

Dës Ofkommen gouf schonn am September 1996 zu Stroossbuerg ënnerschriwwen, mee ass awer eréischt no der leschter Memberratifikatioun am Joer 2009 a Kraaft getrueden.

De geografesch Geltungsberäich vun dëse Reegele beinhalt, wéi gesot, d'Belsch, Däitschland, Holland, Lëtzebuerg, d'Schwäiz, fir d'Schwäiz de Rhäin a fir Frankräich de Rhäin an d'Musel.

D'Ofkommen gesäit un éischter Stell emol e generell Verbuet vun Offallentsuerung an d'Uewerflächegewässer vir. Doriwwer eraus beinhalt et, wéi scho gesot, prezis Reegele fir engersäits d'Vemeidung an anersäits den Traitement vu Schëffoffäll an hir Kollekt.

Wichteg ass dobäi ze erwänen, datt dës Virschrëften op déi spezifesch Situatioun vun de verschiddenen Offalltippen ugepasst ginn.

An da kommen ech bei den Amendement zur Konventioun, dee mer jo haut zur Ratifikatioun hei virléien hunn. Dës Ofännerunge goufen den 22. Juni 2017 vun de Konventiounsparteien adoptéiert a reegelen een neien zousätzleche Beräich vun Offäll, vun Decheten. Et handelt sech hei ëm Dämp oder Vapeure respektiv ganz allgemeng gasförmeg Offäll, déi beim Transport vu Flëssgekeeten ufalen oder iwwreg bleiwen. Dat einfachst Beispill, wat een do ka ginn, datt sinn d'Diesel- oder Bensinsofgasen aus der Cale vum Transportschëff.

Et soll verhënnert ginn, datt dës schiedlech Gasen an d'Atmosphär ofgelooss ginn an zur Loftpollutioun bäidroen. Den techneschen Ausdrock ass hei dann eng Degazage. Den Degazage muss a speziell virgesinnen Installatiounen virgeholl ginn, déi derfir extra opgebaut ginn.

Dësen Text preziséiert dann och d'Obligatiounen an d'Responsabilitéite vun de Parties prenantes, d'Produiten, déi beträff sinn, an hiren Traitement. Wichteg ze erwänen ass heibäi nach, datt dësen Degazage vum Bedreiwler vum Schëff finanziert gëtt an deemno de Prinzip vum Pollueur-payeur applizéiert gëtt.

Etüden, déi an dësem Kontext gemaach goufen, hu gewisen, datt duerch dës Moossnamen ongeféier 95 % vun de Gase kéinte recuperéiert ginn. Dës Moossname bewirken domat eng wichteg Verbesserung vun der Loftqualitéit a sinn e kloer Bäitrag fir den Ëmweltschutz. Si droen domat och zur Nohaltegkeet vun dësem Transportmodus bäi.

Déi nei Moossname gi progressiv ëmgesat, fir datt déi Infrastruktur, déi do gebraucht gëtt, kann no an no opgebaut ginn. Noutwendeg Detailler an technesch Moossname gi jeeeweils iwwer extra Reglementer an Annexen zur Konventioun definéiert.

De Projet de loi ass den 28. Februar 2019 deposéiert ginn. De Staatsrot huet säin Avis den 21. Mee 2019 ofginn. An der Sëtzung vum 28. November 2019 huet d'Kommissioun dann de Rapport zum Projet, deen lech hei virläit, ugeholl.

Ech ginn och heimat da gläich den Accord vun der grénger Fraktioun. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Back. An als éischte Rieder ass den honorabelen Här Aly Kaes agedroen.